N°535
Entrée le 29.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 535 vum 26. Mäerz 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Firwat gëtt hei zu Lëtzebuerg beim Dépistage néonatal just op 6 Krankheete getest, obwuel an anere Länner op däitlech méi Krankheete getest gëtt?*

D'Äntwert op d'Fro 3 geet méi am Detail op d'Critèren a fir dass eng Krankheet an de Screening opgeholl gëtt.

*2. Gouf d'Analyse iwwert den Dépistage néonatal, wéi en am Accord fir eng Rei vu verschidde Präventiounsprogrammer ugekënnegt gouf, schonn ofgeschloss?*
*Wa jo, wat waren d'Resultater vun der Analys?*
*Wa nee, wéini soll dës Analys ofgeschloss sinn?*

Den Accord de coalition gesäit fir, dass all Programme de dépistage a Plan national soll evaluéiert ginn. Momentan gëtt un enger Methodologie an Zäitschinn fir dës Evaluatioune geschafft.

*3. Ass geplangt an Zukunft d'Unzuel vun de Krankheeten, no deenen am Dépistage gesicht gëtt, ze erhéijen?*
*Wa jo, no wéi enge Krankheete soll an Zukunft zousätzlech gesicht ginn?*
*Wa jo, bis wéini soll d'Zuel vun de geteste Krankheeten erhéicht ginn?*
*Wa nee, firwat gëtt d'Zuel vun de Krankheeten net erhéicht?*

Zu Lëtzebuerg goufe bis 2018, 4 Krankheete gesicht: Phénylcétonurie, Hypothyroïdie congénitale, Hyperplasie congénitale vun de Surrénalen an Déficience vum Enzym MCAD.

Am Joer 2018 koum d'Mukoviszidose dobäi. 2023 gouf decidéiert den Dépistage fir d'Amyotrophie spinale anzeféieren. Dëse leeft elo säit Ufank 2024.

En Aarbechtsgrupp am Kader vum Plan national maladies rares schafft momentan un enger Lëscht mat weidere Krankheeten déi kéinten an de Programme opgeholl ginn. Den Haaptcritère fir eng Krankheet an de Screening opzehuelen ass d'Méiglechkeet fir eng Therapie bei enger fréier Diagnose. D'Unzuel vun de Krankheeten no deenen am Dépistage néonatal gesicht gëtt wäert och weiderhi mam Fortschrëtt vun der Wëssenschaft (Diagnose an Therapie) progressiv ugepasst ginn.

Lëtzebuerg, den 29. Abrëll 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez